

Carte blanche RTL radio 30.01.2019 – La digitalisation des services et produits financiers et la sécurité informatique

Michel Maquil, President vun InFiNe.lu

Version luxembourgeoise

A wäiten Deeler vun Afrika ginn ablécklech, baussen de grouse Stied, déi meeschten Iwwerweisung vu Geld iwwer de Reseau vu mobilen Telephonen ausgefouert. Et ass eng grouss Errongenschaft déi et erméiglecht och an entleeënste Géigenden deene meeschten Awunner den Zougang zu dem Finanzsystem ze erlaben ouni datt dofir héich Käschten entstinn.

Iwwert dee Wee ass et och méiglech deene selwechte Leit elementar Finanzdéngschtleeschungen unzebidden wéi: Mikrokreditter, Mikroversicherung an och Spuerpläng. Esou soll jidderengem d'Méiglechkeet geschafe ginn sech progressif finanziell eegestänneg ofzesécheren.

Dat héiert sech ganz gutt un, an effektiv si vill positif Resultater an enger ganzer Rei vun afrikanesche Staaten verzeechent ginn. Mä wéi esou oft ginn et och grouss Risiko mat esou neie Systemer. Een dovunner ass, genee wéi an eise Länner, d'Sécherheet vun esou Infrastrukturen. An Afrika kënnt derbäi datt déi meeschte Leit keng modern Apparater hunn an op villen Informatiksystemer seele rezent Betriebssystemer installéiert sinn, well kee sech se leeschte kann.

Dat mécht datt déi Systemer fir Geld ze iwwerweisen fragil sinn an duerfir leider oft onregelmäseg funktionnéieren a geleeëntlech deeglaang ausbleiwen. Fir déi betreffen Awunner ass dat eng Katastroph, well si dat Geld dréngend brauche fir hir Famill ze ernieren oder fir an der Landwirtschaft oder am Handwierk Aktivitéiten ze entfalen.

Do ass et ze begréissen datt am Kader vun der Entwécklungshëllef, d'Lëtzebuurger Regierung, zesumme mat der Europäescher Investissionsbank an aner Partner, eng gréisser Aktioun gestart huet fir an deene Länner spezifeschen Akteuren direkt ze hëllefen hir Systemer besser ze organiséieren a virun allem méi betribssécher ze maachen. Am Fall wou ee System vu baussen attackéiert ginn ass, gëtt och gehollef fir d'Schwächten ze identifizéieren a se dann ze eliminéieren fir esou dee System méi sécher ze maachen. Derbäi kënnt awer och datt een Deel vun der Aarbecht vu Lëtzebuerg aus ka gemaach ginn, wou esou guer héich qualifizéiert Aarbechtsplaze geschafe ginn, wat schlussendlech och indirekt ee positiven Impakt op d'Sécherheet vun eise Systemer huet.

Et ass erstaunlech datt déi Initiatif weltwäit eng vun de ganz wéinegen duerstellt déi bis elo geholl ginn ass fir den Entwécklungslänner ze hëllefen. Et ass eng äusserst sënnavoll Entwécklungsaktioun déi hei geleescht gëtt an déi deenen Akteuren, déi an Afrika an der Entwécklungshëllef aktiv sinn an och op esou Sytemer ugewise sinn, et erméiglecht méi wierksam ze schaffen.

Et wier wünschenswäert datt nach méi Länner an aner Partner op dee Wee ginn, fir datt de gesamten afrikanesche Kontinent sech esou schnell wéi méiglech weider entwéckele kann.

Version française

Dans une grande partie de l'Afrique, les virements d'argent actuellement effectués en dehors des grandes villes se font essentiellement via le réseau de téléphones mobiles. Il s'agit là d'une avancée majeure, qui permet à la plupart des habitants de régions éloignées d'Afrique d'accéder au système financier sans que des coûts élevés n'en découlent.

Ce système permet également d'offrir à ces mêmes personnes des services financiers élémentaires, tels que des microcrédits, des microassurances, de même que des plans d'épargne. L'objectif est donc que tout le monde ait la possibilité de prendre progressivement en main son autonomie financière.

A priori, il s'agit là d'une bonne nouvelle et de nombreux résultats positifs ont effectivement été enregistrés dans une série d'États africains. Mais comme bien souvent, des risques non négligeables sont associés à ces nouveaux systèmes. L'un d'entre eux, comme dans nos pays d'ailleurs, concerne la sécurité de ces infrastructures. En Afrique, le fait que la plupart des personnes ne possèdent pas d'appareils modernes et que nombre de systèmes informatiques ne soient pas équipés de systèmes d'exploitation récents parce que personne n'a les moyens de se les offrir vient encore aggraver ce problème.

Par conséquent, les systèmes pour argent sont fragiles et souvent ne fonctionnent que de façon irrégulière. Il arrive même qu'ils tombent en panne pendant plusieurs jours. Il s'agit là d'un désastre pour les habitants concernés qui ont besoin d'argent de façon urgente pour subvenir aux besoins de leur famille ou pour déployer leurs activités dans le domaine de l'agriculture ou de l'artisanat.

Heureusement, dans le cadre de l'aide au développement, le gouvernement luxembourgeois, la Banque européenne d'Investissement et plusieurs autres partenaires ont lancé une initiative de grande envergure pour aider directement des acteurs spécifiques dans ces pays à mieux organiser leurs systèmes et surtout à les rendre plus sûrs. En cas d'attaque externe contre un tel système, un soutien est également apporté pour identifier les vulnérabilités et les éliminer, le but étant de rendre le système en question plus stable et plus efficace.

Il convient aussi de souligner qu'une partie du travail peut être effectuée à partir du Luxembourg, où des emplois hautement qualifiés sont même créés, ce qui en fin de compte a aussi un impact positif indirect sur la sécurité de nos systèmes.

Il est surprenant que cette initiative soit l'une des rares menées à l'heure actuelle à l'échelle mondiale pour aider les pays en développement. Ces mesures de développement très pertinentes permettent même aux acteurs qui interviennent en Afrique dans le domaine de l'aide au développement, et qui dépendent également de tels systèmes, de travailler de façon plus efficace.

Il serait souhaitable que davantage de pays et d'autres partenaires suivent cette voie afin que l'ensemble du continent africain puisse continuer à se développer aussi rapidement que possible.